daachverbands zeitung

03 | 2004

Generalversammlung vum Daachverband

den 20. Dezember zu Colmar-Bierg



Daachverband vun den Lëtzebuerger Jugendklibb | B.P. 657 | L-2016 Luxembourg

Luxembourg-1
Port payé
P/S.333

Den Daachverband wenscht senge Memberen a Partner schéi Feierdeeg an alles Gudds am neie Joer

Impressum

D'Daachverbandszeitung gett gratis un all Memberen verschéckt

Layout:
paperclip - agence de publicité
Bereldange - tel 33 39 88 66
www.paperclip.lu

Drock:
Imprimerie Centrale

Redaktioun:
Komitee Daachverband vun de Letzebuerger Jugendklibb

Kontaktadress:
Daachverband vun de Letzebuerger Jugendklibb
Büro: ab Januar um 5. Stack,
Galerie Kons, Luxembourg Gare
25, op Kräizfelder
L- 9142 Burden
tel 40 60 90 335
fax 81 14 51
info@daachverband.lu

Inhaltsverzeichnis

Leitartikel an Randnotizen 3
Invitatioun Generalversammlung 4
Dengschtleeschtungen vum Daachverband a netzlech Adressen 5
Den Daachverband an Aktioun 6
CGJL 7
Den SNJ stellt sech vir 8
Fotoreportagen 10
Aktivitéitskalenner 11
CIJ - Wie gründet man einen gemeinnützigen Verein? 12

paperclip.lu

www.
daachverband
.lu

Abonneiert iech elo online
ob dem Daachverband seng NEWSLETTER

Losch Maurice
President

Um gudde Wee

Sait der leschter Zeitung ass am Daachverband vill geschafft gin. De Komitee war mat vollem Asaatz derbai. Den Daachverband huet duerch vill Entrevuen nei a wichteg Kontakter gekneppt. Huet sech iwert sain Mandat (Gerard Duhr) an der nationaler Jugendkonferenz (CGJL) an der nationaler an internationaler Jugendpolitik staark engagéiert. Adressefichieren mat ennert anerem allen aktuellen Kontaktadressen vun de Jugendverainer sin opgebaut gin. Mat eise Regionalversammlungen si mir an d'Regiounen direkt bei d'Jugendklibb an d'Jeunesse gaangen a konnten do a ganz interessanten Diskussiounen vill nei interessant Idien fir zukünfteg Daachverbandsaktivitéiten opgraifen.
Schwéierpunktthema vun der Daachverbandsarbecht an de leschte Méint waren d'Late Night Bus Projeten. Och wann fir 2005 nach vill Arbecht bleiwt sou, si mir dach um gudde Wee! Duerch hiert staarkt Engagement hun d'Jugendveräiner an de Regiounen Nordstad, Nordspetzt, Mellerdall, Westen, Musel an Uelzechtdall wesendlech zum Erfolleg vun de Late Night Bus Pilotprojeten baigedroen. Zesummen mat senge regionalen Partner huet den Daachverband sech dofir agesaat datt d'Ennerstetzung vun de Late Night Busser am Regierungsprogramm festgehalen gouf an datt den Transportministère 2005 och elo eng finanziell Ennerstetzung gett. Dofir dem Transportminister op deser Plaatz an am Numm vun alle Late Night Bus- Benotzer e besonnesche Merci. Ebenfalls eng grouss Unerkenngung gelt de Gemengen, de Sponsoren, der „Sécurité Routière asbl.", der „Association des Victimes de la Route" an dem SNJ, déi als Partner d'Idie vum Late Night Bus op déi verschiddensten Art a Weis ennerstetzt hun.
Den Daachverband wert ab Januar- Februar 2005 och en eegene Büro, um 5. Stack an der Galerie Kons an der Stad op der Gare, vum Jugendministère zur Verfügung gestallt kréien. Der Jugendministesch e grousse Merci dofir, datt Sie eis en Doheem gett an heimat d'Arbecht vun de Jugenverainer an hierem Daachverband honoréiert. An Zukunft wert den Daachverband esou d'Gelegenheet hun seng Opbauarbecht wieder ze féieren an senge Memberen verstärkt Dengschtleeschtungen unzebidden.
Den Daachverband ass um gudde Wee. Eis Generalversammlung den 20. Dezember bidd déi ideal Gelegenheet fir zesummen iwert zukünfteg Erausfuerderungen, iwert nei Aktivitéiten vum Daachverband ze diskutéieren. Déi aktuell a ganz aktiv Komitee's Equipe hofft ebenfalls op weider Verstärkung, fir datt mir an Zukunft déi vill nei Projeten an gudd Idien och ugoe kennen.
Mat engem spezielle Merci un de Komitee an un eis Matarbechterin Laurence Petry fir hier gudd Matarbecht an, an der Hoffnung Vertriederinnen a Vertrieder vun alle Jugendklibb a Jeunessen op der Daachverbands Generalversammlung begréissen ze kennen,

Losch Maurice
President

Notizen um Rand

Member am Daachverband?

Demnächst wert den Daachverband all Jugendklibb a Jeunessen kontaktéieren déi bis elo nach net Member am Daachverband sin, an hinnen d'Memberschaft ubidden.

Kotisatioun bezuelt?

Déi Jugendverainer déi hier Kotisatioun 2004 nach net bezuelt hun sollen dat w.e.g. nach bis zur Generalversammlung nohuelen. Bei Nofroen: Tel.: 061 29 06 81 (Wagner Philippe, Keesier)
Ebenfalls wichteg wier datt d'Kotisatioun 2005 an d'Assurancen 2005 méigelechst direkt nodems d'Rechnung ukomm ass genge bezuelt gin, sou datt den Daachverband kee finanziellen Engpass kritt.

Sponsor beim Daachverband gin?

Den Daachverband ass fir seng Projeten ze finanzéieren op Sponsoren ugewissen. Eng Annonce an der Daachverbandszeitung ass dofir emmer wellkomm.
Präisser teschent 700 an 150 Euro, je no Gréisst vun der Annonce. Jugendklibb déi Member sin kréien d'Annoce zum halwe Präiss.

Den Daachverband sicht e(ng) Webmaster(in)deen/déi d'Kenntnisser, d'Loscht an d'Zait geng matbrengen fir d'Daachverbands Homepage regelméisseg à jour ze halen w.e.g. beim Marc melden: marc@rauchs.lu

INVITATIOUN

Generalversammlung 2004 vum Daachverband vun de Letzebuerger Jugendklibb

Méindes, 20. Dezember 2004 um 20.00 Auer
am Centre Culturel zu Colmar-Berg (bei der Gemeng, ennen am Duerf)

Ordre du Jour:

1. Eröffnung vun der Generalversammlung duerch de Präsident vum Daachverband, Begréissung duerch d'Präsidentin vum Club des Jeunes vun Colmar Berg (Katie Roch)
2. Usprooch vum Präsident vum Daachverband (Maurice Losch)
   Usprooch vum Buergemeeschter vun Colmar Berg (H. Fernand Diederich),
3. Besetzen vum Wahlbüro, Présentatioun an Ofstëmmen vum Ordre du Jour (Gerard Duhr, Vize Präsident vum Daachverband)
4. Aktivitéitsbericht vum Sekretär vum Daachverband (Nico Kleer)
5. Aktivitéitsbericht aus der CGJL vum Vize Präsident vum Daachverband (Gerard Duhr)
6. Keesebericht vum Keesier vum Daachverband (Philippe Wagner)
7. Rapport vun de Keeserevisoren an Décharge vum Keesier
8. Décharge vum Komitee
9. Eis Éieregäscht hun d'Wuert
10. Wahl vum Präsident, Wahl vum Komitee, Wahl vun de Keeserevisoren
11. Nei Memberen, Festléen vun der Kotisatioun fir 2005
12. Diskussioun iwert de Budget, Projeten an Uregungen fir 2005
13. Frai Aussprooch
14. Patt offréiert vun der Gemeng Colmar- Berg

E Grousse Merci un all déi Leit déi am Joer 2004 am Daachverband matgeschafft hun oder bei Aktivitéiten a Projeten vum Daachverband gehollef hun. Ebenfalls e grousse Merci un all déi Partner déi den Daachverband am Joer 2004 ennerstetzt hun.

De Komitee
(Losch Maurice, Präsident; Duhr Gerard, Vize Präsident; Kleer Nico, Sekretär; Wagner Philippe, Keesier; Bellion Jackie, Groeff Jerry, Rauchs Marc, Schanck Alexander, Schmitz Frank, Wagener Tom, Memberen)

Dengschtleeschtungen vum Daachverband a netzlech Adressen

Aktivitéitskalenner	Adresseleschten
Den Daachverband publizéiert regelméisseg sain Aktivitéitskalenner wou all Manifestatiounen déi fir déi Jonk vun Interesse sin hier Plaatz hun. Aktivitéiten melden enner: info@daachverband.lu	Den Daachverband huet déi aktuell Adressen vun de Kontaktpersounen vun sämtleche Jugendklibb a Jeunessen aus dem Land. De Daachverband stellt de Jugendklibb dess an aner netzlech Adressen zur Verfügung.
ATR Stempel fir d'Daachverbandsmemberen	**Assurancen**
Jugendklibb a Jeunessen déi am Daachverband Member sin kennen dem Daachverband sain ATR Stempel mat benotzen an esou hier Post méi belleg verschécken. De Jugendklubb dréckt de Stempel „Imprimé ATR FD/114" op seng Enveloppen a meld dat dem Daachverband enner: info@daachverband.lu. Den Daachverband meld dat der Post an déi Saach rullt.	Den Daachverband bidd senge Memberen praissgenschteg Assurancen un (Halftpflichtversecherung, Unfallversecherung, Cascoversecherung). All weider Informatioun zu den Assurancen vum Daachverband kritt dir beim Marc oder beim Christine um Tel: 31 23 30
Late Night Bus	**Daachverbands Zeitung an – News**
Den Daachverband helleft bei der Organisatioun vun Late Night Bussen. Op www.daachverband.lu sin Linken zu denen aktuelle Fahrpläng vun de Late Night Bussen aus dem ganze Land.	Den Daachverband hällt seng Memberen regelméisseg um Laafenden iwert alles wat am Jugendberaich wichteg ass.
SACEM	**Subsidien a Projeten**
Verainer déi op engem Bal Musik spillen, mussen Autorenrechter un d'SACEM bezuelen. Wann een de Bal am viraus bei der SACEM meld gin et Prozenter. Kontakt SACEM Letzebuerg: tel 47 55 59, fax 47 02 76, email: info@sacemlux.lu	Den SNJ (Service national de la Jeunesse) ennerstetzt innovativ Jugendprojeten a bidd interessant Jugendaktivitéiten un. Kontakt SNJ: tel 478 64 60, fax 46 41 86 email: snj@snj.lu, homepage: www.snj.lu
Wat machen wann op der Strooss eng schief gaangen ass?	**Organisatioun vun Baler**
D'AVR (Association nationale des victimes de la route asbl) bidd de Verkéiersaffer no engem Akzident moralesch, psychologesch an juristesch Ennerstetzung un Kontakt AVR: tel 26 43 21 21, fax 26 43 22 43, email: avr@handitel.lu, homepage: www.avr.lu	Den Daachverband ass am gaangen Informatiounen iwert Zeltverleih, asw. zu genschtegen Präisser zesummen ze droen.

Wann Dir weider interessant Adressen fir an des Rubrique wesst, sou meld déi enner info@daachverband.lu. Merci.

Den Daachverband an Aktioun

Iwerbléck vun dene wichtegsten Aktivitéiten vum Daachverbands- Komitee (sait der leschter Zeitung)

Datum	Aktivitéit	Thema
18.5	Komitee	Administratives
Mee	CGJL: Jonk Wielt	Table Ronden an de Lycéen zu de Wahlen vum 13. Juni
30.6	Regionalversammlung Westen a Komitee	Zesummen mat de Jugendverainer aus dem Réidener Kanton get e provisorescht Konzept fir de Late Night Bus Westen ausgeschafft
14.7	Regionalversammlung Nordspetzt	Zesummen mat de Jugendverainer aus der Nordspetzt get e provisorescht Konzept fir de Late Night Bus Nordspetzt ausgeschafft
14.7	Late Night Busser an de Koalitiounsaccord	Zesummen mat regionale Late Night Bus Partner fuerdert den Daachverband an engem Bréif un Regierungsformateur J.C. Juncker dat d'Ennerstetzung vun de Late Night Busser am Koalitiounsaccord festgehale gett
20.7	Regionalversammlung Osten	Zesummen mat de Jugendverainer aus dem Mëllerdall an vun der Musel gouf iwert weider Schrett bei Late Night Busser fir 2005 geschwaat
27.9	CGJL: Entrevue Déi Gréng	National Jugendpolitik
29.9	Komitee	Virbereeden Entrevue Jugendministère, Late Night Bus, Zeitung, Administratives
29.9	Bréif un d'Gemengen	Den Daachverband stellt sech de Gemenge vir a proposéiert eng verbessert Zesummenarbecht (Manifestatiounskalenner, asw.)
30.9	CGJL: Entrevue SNJ an Youth Forum	Astellen vum CGJL Project Officer, Organisatioun vum Youth Event 2005 a COMEM
1.10	Journée SNJ	den Daachverband huet sech iwert d'Aktivitéiten vum SNJ informéiert
5.10	Entrevue bei der Jugendministesch	Virstellen vun den Aktivitéiten vum Daachverband, Diskussioun iwert Finanzéierung a Sekretariat, Reimlechkeeten a Projeten vum Daachverband
14.10	CGJL: Entrevue LSAP	National Jugendpolitik
19.10	Regionalversammlung Uelzechtdall (Steesel)	Zesummen mat de Jugendveräiner, Jugendhaiser an de Gemengen Miersch, Lentgen, Lorentzweiler, Steesel, (Walfer) gouf e Konzept „Late Night Bus Uelzechtdall" an e Konzept „Kino Bus Uelzechtdall" entworf an de Gemengeréit fir 2005 virgeschloen
Oktober	Ennerstetzung	Op Ufro vum Daachverband an de Jugendverainer aus de Regiounen Norspetzt an Westen, décidéieren d'Gemengesyndikater SICLER an „Réidener Kanton" d'Late Night Busser 2005 ze ennerstetzen
26.10	CGJL	Astellungsgespréicher Project Officer
30.10	Late Night Bus National	Am Kader vun Halloween test den Daachverband zesummen mat Eldoradio d'Konzept vun Late Night Bussen déi op ganz Grouss Eventer queesch duerch d'Land fueren: vill Jonker sin matgefuer!
9.11	CGJL: Table Ronde	Table Ronde iwert d'Uni Letzebuerg am Kader vun der Foire de l'Etudiant
11.11	Arbechtssitzung mam Jugendministère	Am Kader vun der Neiandeelung vun de Reimlechkeeten an der Galerie Kons kritt den Daachverband en eegene Büro – e grousse Merci un de Jugendministère
11.11	Komitee	Virbereeden Entrevue Transportministère, Zeitung
15.11	Entrevue beim Transportminister	Den Transportministère wert 2005 d'Late Night Busser Ennerstetzen, d'Projeten sollen weiderhin zesummen mat de Jugendveräiner emgesaat gin
16.11	CGJL: Entrevue DP	National Jugendpolitik
25.11	Regionalversammlung Nordspetzt	Late Night Bus Nordspetzt: Konkret Schrett fir 2005

Entrevue vun der CGJL bei der Jugendministerin Marie-Josée Jacobs (lénks am Bild de Gerard als Vertrieder vum Daachverband)

(Photo: Jugendministère)

Entrevue beim Transportminister Lucien Lux: Den Transportministère an den Daachverband mat senge regionale Late Night Bus Partner aus de Regiounen Mellerdall, Musel, Nordspetzt, Nordstad an Westen eenegen sech drops datt d'Late Night Bus Projeten am Joer 2005 vum Transportministère finanziell ennerstetzt gin.

copyright Foto: SIP, Marcel Ernst

Den SNJ stellt sech vir

Dier hutt eng Iddi fir ee Projet? Een usprochsvollen Projet? Mee dir wësst net, wéi der dësen Projet finanzéiert kritt? Villäicht kann Iech den SNJ hëllefen.

Tatsächlech get et Iddiën an Projetën en masse: Et get een Austausch mat engem Jugendklubb aus dem Ausland geplangt, Äeren lokalen Projet soll eng ganz nei Nues kréien,… Den "Service National de la Jeunesse" (SNJ) bidd eng Rei vun Mossnahmen un, bei deenen Jugendklibb kënnen Suën fir hier Projetën ufroën.

Eenzegen Hoken bei der Saach: Projetssuën kommen nëmmen fir déi Projet'ën a Fro, déi net kommerzieller Natur sin, also wou et nët drëm get, Gewënn ze erwirtschaften. D'Subventiounen sin fir déi Projetën geduecht, bei deenen den sozialen Aspekt am Mëttelpuntk steet, a bei deenen et dann hëllefräich as, wann d'Memberen oder de Club net ze déif an déi eegen Täsch gräifen mussen, fir den Projet ze realiséiren.

Innovativ mat dem «Projet pilote»

Ënnert engem «Projet pilote» versteet den SNJ een Projet mat enger neier Iddi, enger innovativer Dimensioun. All Jugendklubb huet eng Rei vun festen Aktivitéiten, déi Joër fir Joër widderholl gin: ee Rallye, een interkulturellen Owend,… Mee villäicht hutt Dir fir d'nächst Joër eng Iddi, wéi een dat ganzt opfrëschen kann. Oft as dat dann och mat neien, zousätzlechen Onkäschten an der Preparatioun oder der Duerchféirung verbonnen.

Et as hei, wou den SNJ Iech kann finanziell ënnert d'Ärm gräifen. Den Projet soll idealerweis ee vun de folgenden Kritèren erfëllen:

- Participatioun vun Jugendlechen un der Gesellschaft
- Gläich Chancen fir all Jugendlech
- Promotioun vun fundamentalen Wäerter wéi Demokratie, Solidaritéit an Toleranz.

Dës Aktivitéiten kënnen sech op eng Gemeng/Stat beschränken, oder an enger ganzer Regioun respektiv am ganzen Land stattfannen.

Kreativ mat «Les moyens d'expression des jeunes»

D'«Moyens d'expression des jeunes» emfaasst eng Hellewull vun kreativen Ausdrocksweisen: eng Graffitis-Mauer mat Recksprooch mat der Gemeng, eng Theatervirféirung ouni Gewënnzweck,… Den SNJ ënerstëtzt dës Zort vun Projet finanziell an och logistesch. Ee Jugendklubb kann sech also och un den den SNJ wenden mat Froën, déi méi organisatorëscher Natur sin. Den SNJ kann esou zum Beispill bei der Sich no Partner an Spezialisten hëllefen.

Engagéiert an enger «Initiative Jeunes»

Parallel zu enger vun deenen éischtgenannten Ënnerstëtzungen kann een och ee lokalen Projet am Kader vum europäeschen Programm «Jeunesse» erareechen. Fir eng «Initiative Jeunes» ze realiséiren brauch een eng Iddi, an mindestens véier Jugendlech, déi den Projet haaptverantwortlech droën.

Wichteg as et, dass d'Resultat vum Projet (eng Brochure, ee Lidd, eng Campagne,…) op lokalem oder nationalem Niveau gestret get. Soss sin Äerer Kreativitéit kaum Grenzen gesat.

International am Kader vun engem «Echange de jeunes»

Am Laf vun den Joëren hun eng Rei Lëtzebuerger Jugendklibb Kontakter zu Jugendklibb aus dem noën a wäiten Ausland opgebaut. Aner Klibb sin och op der Sich no engem Austausch mat vergläichbaren Partner aus dem Ausland, mee hun nach keen passenden Kontakt font.

Am Kader vum Programm "Jeunesse" kënnen zwee oder méi Jugendklibb gemeinsam een "Echange" organiséiren. Den Programm "Jeunesse" iwwerhëllt deen Ament dee gréissten Deel vun den Reeskäschten an deckt natierlech den Programm vum Echange of (Logement, Iessen,…).

Détailer bequem noliesen op www.snj.lu

Den Site vum SNJ liwwert wäertvoll Détail-Informatiounen iwwert d'Ënnerstetzungen, déi ee Jugendklubb kann beim SNJ ufroën. An der Navigatioun vum Site fannt Dir ee Link "Organisations", deen sech och un d'Jugendklibb adresséiert.

Hei fannt Dir och weider Informatiounen zu den Stëchdaten fir d'Erareechen vun enger Demande, an den Formulaire, deen fir déi jeweileg Demande passt.

Natierlech kënnt Dir fir weider Froën och all Moment beim SNJ uruffen.

Um Lafenden bleiwen am "Youthnet"

Wien regelméisseg aktuell Informatiounen zu den Offren vum SNJ fir d'Jugendklibb well kréien kann sech am "Youthnet", dem Réseau vun der Jugendaarbecht zu Lëtzebuerg umellen.

Den Youthnet Mag' as eng Brochure déi 3-4 mol pro Joër erauskënnt an déi grouss Neierungen ukënnegt, souwéi Informatiounen zur erfollegräicher Gestioun vun Projet'ën liwwert. Dir kënnt Iech an der Receptioun vum SNJ fir dësen Courrier abonnéiren.

Den Youthnet 'Mail as den regelméissegen E-mail-Newsletter, mat deem den SNJ kuerzfristeg Informatiounen aus dem Jugendberäich un all Interessent verschéckt. Dir kënnt Iech direkt iwwert den Site vum SNJ umellen (Rubrik Newsletter).

Kontakt
Service National de la Jeunesse
1, rue de la Poste / L-2346 Lëtzebuerg
tel 47-6465 / fax 464186 / www.snj.lu

Fotoreportagen

Béierfest zu Hepperdang (17. an 18. Juli) Duerchbroch fir de Late Night Bus Nordspetzt

Fotoen: Wagner Philippe

Bus Bal zu Dikrech (9.Oktober) De Benefiss vum Bus Bal, organiséiert vun der Denkfabrik Nordstad an de Jugenverainer aus der Nordstad, geet integral an Finanzéierung vum Nordstad Late Night Bus 2005

Fotoen: Julie Kohn

Gluk's de Bal organiséiert vum Club de Jeunes Colmer Bierg (16.Oktober)

Fotoen: Julie Kohn

Aktivitéitskalenner 2005 vum Daachverband

Datum	Aktivitéiten	Wou	Jugendveräin
18 Dezmber	Chrescht Bal mat Gummibären	Ierpeldeng (bei Ettelbréck)	Cdj Ierpeldeng
18 Dezember	Eastcoast devils mat DJ Billy, DJ Benassi, DJ Funka, Magic Majin an BodykickerTournoi	Centre Culturel Munsbach	CJS
20 Dezmeber	Generalversammlung vum Daachverband	Colmar Berg	Daachverband
24 Dezember	Glühwein no der Metten	Colmar Berg	Cdj Colmar Berg
25 Dezmber	Chrëscht Bal mat Peenuts	Ierpeldeng (bei Ettelbréck)	Cdj Ierpeldeng
31 Dezember	Sylvester Bal	Daichhal Ettelbréck	
31 Dezember	Sylvester Bal mat Challengers	Séerei Diekirch	Landjugend Dikrich an Cdj Bettenduerf
1 Januar	Néijorspatt	Am Bau	Griweldéng-Stadtbriedemes
1 Januar	Neijoersdisco	Helzen	Jugend Helzen, Houffelt a Weiler
7 Januar	Bal mat Focus	Eischen	Eischen
8 Januar	Glëtzbal mat LOS AMIGOS	Veräinssall Tratten	Jeunesse Tratten
8 Januar	Zebras Bal mat Life Style	Ierpeldeng (bei Ettelbréck)	
9 Januar	Schlitt fuhren mat Glüehwein		Greiweldéng-Stadtbriedemes
10 Januar	Krechtbeemercher sammelen		Greiweldéng-Stadtbriedemes
15 Januar	Schnéibal	Veräinssall Heesdref	Jugend Heesdref-Wëntger
15+16+22 Januar	Theater »E gemiddleche Stot»	Centre Culturel Hepperdang	Jeunesse Hepperdang Asbl
22,23,28,29 Januar	Theater	Hal	Contern
22 Januar	Bal mat Life Style		Klierf
29 Januar	Rock am Deich	Deichhall Ettelbreck	
29 Januar	Schlippisbal	Hupperdange	Jeunesse Hepperdang
4 Februar Fuesfreiden	Bal mat Silvermoon		Hengischt
4 Februar Fuesfreiden	Hippiques Bal	Séerei Diekirch	
5 Februar Fuessamschden	Fräschebal Peenuts	Bettendorf	Cdj Bettenduerf
5 Februar Fuessamschden	Zigeinerbal mat Trei Sei	Schieren	
12 Februar	Fetenhits- Party	Hupperdange	Jeunesse Hepperdang
19 Februar	After-Karneval-Bal	Helzen	Jugend Helzen-Houfelt a Weiler
24 Februar	Opriiten Koup Stréihmännchen		Greiweldéng-Stadtbriedemes
25-27 Februar	Koup Stréihmännchen		Greiweldéng-Stadtbriedemes
26 Februar	Bal	Huldang	
28 Februar	Traditionellen Stréihmännchen		Greiweldéng-Stadtbriedemes
28 Februar	Bal mat Diesel	Séerei Diekirch	
12 März	Lefs de Bal mat Gummibären	Diekirch Séerei	
18 März	Flower Power mat DJ Whish	Brotebach	Jeunesse Brotebach
19 März	Flower Power mat Under Pressure	Brotebach	Jeunesse Brotebach
19 März	Bal mat Gummibären	Diekirch Séerei	
27 März	Hieserchesbal mat WALLSTREET	Husen	Harmonie Municipale Husen
27 März	Bal	Elwen	Academico
1+2 Abrëll	Flower-Power mat Gummibären	Brotebaach	Jeunesse Brotebaach
9 Abrëll	Zeltfest mat WALLSTREET	Nidderwampich	Jeunesse+Pompjeeën Nidderwampich-Schëmpich
9 Abrell	Gummibären annet Wallstreet	Nidderwampich	
15+16 Abrëll	Zeltfest mat FADE TO GRAY a CROSSING	Nidderwampich	Jeunesse+Pompjeeën Nidderwampich-Schëmpich
22+23 Abrëll	Zeltfest	Uewerwampich	Mousquetaires+Chorale Uewerwampich
23 Abrell	Peenuts		
29+30 Abrëll	Zeltfest	Uewerwampich	Mousquetaires+Chorale Uewerwampich
30 Abrell	Meebal mat Life Style	Ierpeldeng (bei Ettelbréck)	
30 Abrell	Meebal mat Wallstreet	Diekirch Séerei	
30 Abrell	Gummibären		

centre information jeunes

D Version française au verso

CENTRE INFORMATION JEUNES

DOKUMENT 021
September 2003

WIE GRÜNDET MAN EINEN GEMEINNÜTZIGEN VEREIN?

Wer kann Mitglied eines gemeinnützigen Vereins (a.s.b.l.) werden?

- Jeder Jugendliche kann Mitglied einer a.s.b.l. werden,
- Zur Ausübung eines verantwortungsvollen Postens muss das 18. Lebensjahr erreicht sein.

Was tun um einen gemeinnützigen Verein zu gründen?

- Man muss sich an die gesetzlichen Bestimmungen vom 21. April 1928 über die a.s.b.l. halten.

1) Jede a.s.b.l. muss sich schriftlich festgelegte Richtlinien geben: sogenannte Statuten, die folgende Punkte beinhalten müssen:

- Name (Bezeichnung) und Sitz des Vereins (dieser muss sich innerhalb des Großherzogtums Luxemburg befinden).
- Zweck des Vereins.
- Namen, Vornamen, Berufsbezeichnung, Wohnsitz und Nationalität der Mitglieder. Zur Gründung sind mindestens drei Mitglieder erforderlich.
- Beitritts- und Austrittsbedingungen.
- Befugnisse und Einberufungsmodus der Generalversammlung sowie die Bedingungen der Bekanntgabe der Beschlüsse an Mitglieder und Dritte.
- Ernennungsmodus und Befugnisse der Verwaltungsratsmitglieder.
- maximale Höhe der Beiträge und Zahlungen, die von den Mitgliedern des Vereins zu leisten sind.
- Abrechnungsmodus/Kontoführung.
- Regeln zur Abänderung der Statuten.
- Aufteilung und Verwertung der Vermögenswerte des Vereins im Falle seiner Auflösung.

2) Die Statuten müssen **in dreifacher Ausführung** von den Gründungsmitgliedern **unterzeichnet** werden.

3) Die Statuten müssen bei der **Administration de l'Enregistrement et des Domaines** eingetragen werden.

4) Nach erfolgter Eintragung müssen die Statuten zusammen mit einem ausgefüllten Formular des „Registre de Commerce et des Sociétés" **R.C.S.** (download unter http://www.rcsl.lu/RCSL/formulaires/asbl.html) beim Justizbeamten (greffe) des **R.C.S (Handels- und Firmenregister des Bezirksgerichts Luxemburg)** in Luxemburg oder Diekirch hinterlegt werden, das für die Veröffentlichung der Statuten zuständig ist. Gleichzeitig ist eine Liste mit Namen, Vornamen, Berufsbezeichnungen und Angabe des Wohnsitzes der Mitglieder des Verwaltungsrats zu hinterlegen.

5) Im Monat der Veröffentlichung der Statuten muss die Vereinigung beim Register eine Liste mit Namen, Vornamen, Adressen und Nationalität aller Mitglieder des Vereins hinterlegen.

N.B. : Das Comité de Liaison et d'Action des Etrangers (CLAE) hat einen Führer – „Guide pratique pour la vie associative" herausgegeben, der alle Informationen zum Thema Vereine/Verbände zusammengestellt hat.
Desweiteren kann die a.s.b.l. CLAE Services bei der Erstellung der Statuten helfen.
Im C.I.J. liegt das Memorial vom 4. März 1994 über die gemeinnützigen Vereine vor.

ADRESSEN :

- **CLAE services,** 26, rue de Gasperich, L-1617 Luxbg., Tel.: 29 86 86, www.clae.lu
- **Administration de l'enregistrement et des domaines** B.P. 31, L-2010 Luxbg, Tel.: 449 05-1, B.P. 159, L-9202 Diekirch, Tel.: 80 96 06-1, 33-35 rue Zénon Bernard, L-4031 Esch/Alzette , Tel.: 54 86 71-1
- **Tribunal d'arrondissement de Luxembourg,** B.P. 15, L-2010 Luxbg., Tel.: 47 59 81-440
- **Tribunal d'arrondissement de Diekirch,** B.P. 164, L-9202 Diekirch, Tel.: 80 32 14-1
- **C.I.J.** , Galerie Kons, 26, place de la Gare, L-1616 Luxembourg, Tel.: 262 93-200

© Centre Information Jeunes a.s.b.l. 2003

CENTRE INFORMATION JEUNES a.s.b.l.
26, Place de la Gare (Galerie Kons) - L-1616 Luxembourg
Tel.: (+352) 262 93-200 - Fax (+352) 262 93-203
internet: www.cij.lu - e-mail: cij@info.jeunes.lu

CENTRE INFORMATION JEUNES

?!